N°3500
Entrée le 22.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 21. Januar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.


De Sonndeg, 11. Januar 2026, ass een 49 Joer ale Mataarbechter vun „Kronospan Luxembourg S.A." duerch en tragescht Aarbechtsaccident, dat den Dënschdeg, 6. Januar 2026, geschitt war, un den Suitë vun senge Blessure gestuerwen.

D'ITM féiert Enquêten am Fall vun engem Aarbechtsaccident duerch, fir festzestellen, wéi eng Bestëmmungen aus dem Code du Travail net respektéiert goufen, wouduerch et zum Accident komm ass. No Ofschloss vun dësen Enquêtë ginn d'Procès-verbauxen, wéi am Artikel L.614-12, Punkt (3) vum Code du Travail virgesinn, un de Procureur d'État iwwermëttelt.

An dësem Kontext hu mir follgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Procès-verbauxen huet d'Justiz zanter 2020 vun der ITM iwwermëttelt krut, déi am Zesummenhang mat Aarbechtsaccidenter erstallt goufen?
2. A wéi ville Fäll ass zanter 2020, nodeems de Procès-verbal un d'Justiz iwwermëttelt gouf, den Dossier vun der Justiz ouni Suite clôturéiert ginn? A wéi ville Fäll ass den Dossier mat enger Verwarnung un den Employeur ofgeschloss ginn? A wéi ville Fäll ass den Dossier duerch en *„Jugement sur Accord"* ofgeschloss ginn? A wéi ville Fäll huet den Dossier zu enger penaler Verurteelung gefouert?
3. Wéi oft huet de Ministère public den Aarbechtsminister an den Direkter vun der ITM iwwert d'Suitë vun de Procès-verbauxen informéiert, ewéi et am Artikel L.614-12, Punkt (4) vum Code du Travail virgesinn ass?
4. Falls dës Informatioun net systematesch weidergeleet gëtt, wéi erkläert d'Justizministesch d'Ausbleiwe vun enger konsequenter Kommunikatioun?

Mat déiwem Respekt,



Dan Hardy
Deputéierten



Michel Lemaire
Deputéierten